MOIEN

Mäi Numm ass Chiara Schroeder an ech sinn ab der Schoulrentrée d'Joffer vun dir / Ärem Kand zu Kietscht an der Spillschoul.

Ech freeë mech drop Äert Kand / Iech kennenzeléieren. Zesumme wäerte mir bestëmmt vill Flottes an der Spillschoul erliewen.

Fir dass du weess, wéi et an eiser Spillschoul ausgesäit, invitéieren ech dech / Iech ganz häerzlech op eng kleng Pré-Rentrée : Dënschdes, den 13. September 2022 tëscht 16h00 a 18h00 kanns du mat denger Mamma / dengem Pappa luusse kommen.

Eise Klassesall ass hannen am Gebäi vun der Maison Relais, um 1ten Stack.

Wann nach Froe sinn, kënnt Dir mir eng Email schreiwen op: chiara.schroeder@education.lu

Reservéiert Iech w.e.g. elo schon den Owend vum 22. September 2022 fir den Eltereninformatiounsowend.

Du / Dir kënnt des Saachen mam Numm drop schonn ob d'Pré- Rentrée matbrengen:

Eng grouss Eco- Tuut

En Becher ouni Deckel fir Waasser an Mëllech an der Schoul ze drénken.

Gummisstiwwelen (déi an der Schoul bléiwen)

Bullisbox (déi an der Schoul bléiwt)

Anti - Rutschstrëmp

eng Këscht Nuesschnappecher



Schlappen

An dengem Schoulsak fir op de Réck (ouni Rieder) sinn all Dag:

eng gesond Collatioun an enger Këscht

eng Stoffzerwéit oder een Läppchen

ee Bidon mat Waasser

En Turnsak, deen an der Schoul bléift, mat:

Turnschung (ouni Stréckelen)

T-Shirt

kuerz Box

En Rucksaak fir schwammen ze goen, mat:

engem groussen Handduch fir den Kierper
engem klengen Handduch fir d' Féiss

engem Maillot oder enger Schwammbox

enger Kämmbiischt

enger Schwammkap aus Silikon

D'Seef fir an der Dusch kritt Ärt Kand vun mir.

Eng Tuut mat Wiesselkleeder, déi an der Schoul bléiwt, mat:

- enger Box
- engem Pullover
- engem T-Shirt
- Stremp
- Ennerwäsch

Denkt drun, de Numm vun Ärem Kand ob alles ze schréiwen.

Ech këmmere mech ëm déi aner Schoulsaachen (Classeur, Schiertech, Faarwen, Tuschbicken, Bläistëft, Farde, Bichelchen, Päsch,...) a loossen Iech d'Rechnung beim Schoulufank zoukommen. Merci.

Ech frëen mech ob dech / Iech an wënschen dir / Iech eng schéin an erhuelsam Vakanz !

Schroeder Chiara